GEMENG JONGLËNSTER

Jonglënster, de 15. Juli 2024

# 7. Reunioun – Rapport

**11. Juli 2024 – Centre Culturel „Am Duerf“**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour


- Begréissung duerch d’Présidence un d’Membere vun der Kommissioun

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 6.Sëtzung ass approuvéiert ginn.

# 4) Feedback Nuit du Sport

## 4.1. Feedback – Veräiner




### 4.1.1. Sot eis är Meenung vun der Location, Opdeelung, dem Site

1) De Site ingesamt ganz gudd, alles gudd opgedeelt. Mir als Schachklub kruten e rouege Raum, merci dofir, awer mir géife gären dat nächst Joer méi sichtbar sinn, sou datt d'Visiteuren eis besser gesinn. Dat mëcht näischt wa Kaméidi ass, mir spillen jo keen sérieuxt Turnéier, mir wëllen eis virun allem méi weisen an mir bräichten e bësse méi Plaaz, well zäiteweis war et ganz schéin enk an eisem Raum. Kéinte mir net z.B. am Gank eis Dëscher opsetzen, am Gank tëscht der Entréesdir an dëm Sall wou d'Danzgrupp opgetrueden ass? Merci :-)
2) Ass méi flott sou, besser Atmosphär
3) alles gutt, vill Plaatz ouwen um Terrain fir Football a Golf
4) Perfekt - awer Leuchten em wee mussen ubleiwen bis ofgeraumt ass
5) très bien
6) Mir hunn et immens flott fond, dass de Food Village bäim Fussballsterain war. Insgesamt hu mir d'Opdeelung vun de Stänn gudd fond. Wat ee fir nächst Joer bedenke misst: Souwuel de Volleyball wei och dat wat firdrun do war, sinn oft duerch eist Feld gelaaf, wat zimlech gestéiert huet. Sie haten hire Schapp an eisem Terrain, wat definitiv e Problem war. Mir hunn eis Aktiviteiten mei oft doduercher ennerbrieche missen. Eventuell hätt een alles och nach besse mei mat Schelder mat Feiler zeechne kennen.
7) Opdeelung vum site an location ware ganz gutt.
8) Dat den Site sech bei den Fussball verlagert huet, fannen mir besser wéi dat lescht Joer um Parking. Et mecht dat ganzt méi "stëmmeg".
9) alles top
10) Opdeelung war ganz ok
11) ok

### 4.1.2. Sot eis är Meenung zu den Iessstänn

1) Positiv (näischt auszesetzen)
2) Net vill Waardezäit, gudd
3) et wir flott och aaner Saachen unzebidden ewei Gegrills a Fritten (mat 1 friteuse waren laang attenten). Mei gesond Saachen.
4) mei "gesondes" misst bei esou enger Gelegenheit ugebude gin
5) sans avis, nous n'avons pas eu le temps de les visiter
6) Dat mat de Bongen huet gudd geklappt, mir hatte nie eng Wardezäit an d'Leit ob de Stänn waren alleguer ganz frendlech. Dat gratist Uebst war eng super Idi!

7) Et wär gutt wa niewt den üblechen Iesswueren och mol aner Offeren do wàren z.B. Zaloten, Vegetaresches.Uebst gouf jo ugebueden, dat war gutt. Natierlech mussen Verainer do matmaachen, as mei opwendeg.
8) /
9) Gratis Uebst war eng super Iddi! E puer méi dobaussen wier nach besser gewiescht. 1 weider Iessstand wier gutt.
10) Di feeld et e bessen un besserem Material, zemols bri sou vill Leit gin 2 kleng Fritteusen net duet
11) Ok

#### 4.1.3. Sot eis är Meenung zu de Gedrénksstänn

1) Positiv (näischt auszesetzen)
2) Net vill Waardezäit, gudd
3) perfekt
4) sans avis, nous n'avons pas eu le temps de les visiter
5) Hei huet alles gudd geklappt a mir hatte keng Wardezäit. Mir ware ganz zefridden.
6) Gedrenksstänn waren ok.
7) /
8) alles top
9) Keinten sech besser organiseiren mee war aver ok
10) ok

#### 4.1.4. Sot eis är Meenung vun de Sportsaktiviéiten

1) Hunn net alles gesinn, haten awer insgesamt e gudden Androck
2) Ech hu vum Rescht leider net vill matkritt
3) alles gutt
4) gut, et muss awer erlabt sin dass e Verein Info-Material vu sech veredelt, soss mecht et kee Senn
5) les activités étaient variées et beaucoup de choix
6) Flott Meschung, lauter motiveiert a frendlech Sportsbegeeschterter ob de Stänn. Mir selwer hunn eis gudd vum Här Wampach encadreiert gefillt, deen direkt bäi eis komm ass an eis alles erklärt huet. Et war och ennert de Stänn e scheint Mateneen.
7) Angebot war grouss.Just schued, dass dei Aktiviteiten, dei direkt um 16 Auer lugefaang hun, Kanner nach keng Kaarten haten fir de Stempel.
8) Mir sinn iwwerrannt ginn, esou dat deels Leit hunn missten 10 mins waarden. Mir probéieren dat fir d'nächst Joer ze berücksichtegen an d'Atelier'en nach mi einfach ze halen.
9) mir waren zefridden
10) Waren der jo genuch, mee verschiddener hun net den Kanner sou richteg gewissn waat een alles kann mat sengen Sport maan
11) ok

#### 4.1.5. Sot eis är Meenung zur Entrée, Keess, Sprangschlässer & Spullwon

1) Och do hu mir net alles gesinn, haten awer insgesamt e gudden Androck

2) perfekt
3) pas d'avis
4) Mir hatten heimader manner Kontakt. Alles wat mir matkritt hunn, huet gudd geklappt.
5) Kees misst 1/4 Stonn virm Event opgoen, dass dei Aktiviteit vun 16 Auer berücksichtegt gett. Sprangschlässer ware flott. Spullwon, deen eise Club ofgedeckt huet, denken ech war e Missverständnis, dass mir en aleng gemaach hun. Nächste Keier kennen mir dat mat aner Klipp deelen, dei och keng aner Aktiviteit wei hier Sport hun (a nach Leit zur Verfügung kenne stellen). Et misst een zoustànneg sin fir d`Spull hin an hier ze brengen, zu de Spetzemomenter war dat problematesch.
6) /
7) alles ok
8) Ganz ok
9) ok

#### 4.1.6. Sot eis är Meenung iwwert Stempelkaarten & Bidon

1) Positiv (näischt auszesetzen)
2) Stempelkaart = gudd Iddi, d'Kanner verdeele sech méi
3) Bidon ass net neideg, et huet een der dozenden mettlerweil Doheem
4) les stempel bonne idée, ainsi les gens étaient incités à visiter tous les stands et à ne pas rester sur un seul trop longtemps.
5) Duerch de Stempel-System hatte mir vill méi Leit um Stand, wat zwar engersäits ganz flott war, aanerersäits hatte mir doduercher awer och méi Leit um Stand déi net fir de Pingpong mee fir d'Stemplen komm sinn. Mir hatten de Stand deelweis mat Leit voll, déi just Stemplen wollten, doduercher hatte mir oft Wardezäiten um Stand. 6 Dëscher wiere besser gewierscht mee da wier et mat der Plaatz net méi obgaangen.
6) Wei gesot, missten d`Stempelkaarte scho vun 15.45 Auer un ze kreie sin.
7) Dat matt den Stempelkaarten koum gutt un.
8) D'Gedrénksfläschen waren onnëtz, et wier besser Waasserspender ze hunn an d'Gedrénks becheren ze ginn.
9) Huet geklappt
10) ok


#### 4.1.7. Soss Kommentaren, Feedback, Iddeeën

1) Eng méi sichtbar a méi grouss Plaaz fir de Schachklub wegl .. Merci
2) Vläit 2 Plazen maan, woou een Geschirr zreckbrengt
3) Organisateure missten Nominierte droen, dasein wees wien et ass
4) Obriichten an Ofriichten: Méi kloer Aufgabe verdeelen, et war net emmer kloer, wat ofgeriicht gi muss a wat net. Duerchsoen ware gudd, da wosst een wat grad lass war. Och hei misst op t'mannst nach op Englesch geschwat ginn, et ware vill englesch sprocheg Awunner do. De Briefing firdrun war wichteg a gudd. Nächste Kéier just am Bäschten och ob 1-2 aanere Sproche well verschidde Leit net alles verstanen hunn an eis duerno nach gefrot hunn. Merci fir dei gudd Organisatioun! Mir hatte Spass a si frou, dass mir eise Sport hu vertrieden dierfen.
5) Kees 1/4 Stonn virum Event prett/Hol-a Bringdengscht fir d`Spull/Iessstänn der Demande upassen

6) Den Tennisveräin war esou ganz zefridden an mir hunn d'Impressioun, dat och d'Leit insgesamt zefridde waren! Merci och fir di sympathesch Zesummenaarbescht.
7) Real Waasser Spender soll permanent an der Sportshal gesat ginn.
8) Alles in allem ok an mit waren frou konnten derbei ze sin! Gaeren och rem next Joer,
9) D'Beleuchtung um Parking mist unbleiwen biss 23:00 Auer. Ausserdem wier et besser gewiescht, wann mir virun den Liften hätten kennen danzen, dann hätten d'Leit secher méi matgemaach.

Sidd dir interesséiert fir d’nächst Joer rem dobäi ze sinn?

11 Antworten




#### 4.1.8. Hutt dir eventuell nei potentiell Membere konnte rekrutéieren op der Nuit des Sports?

1) Bis lo hunn 3 Leit hiren Interessi gewisen a si bei eis op den Training komm.
2) Eis Waardeléscht ass rem bessi méi lang ginn
3) jo vleicht , daat ass ëmmer schwéier anzeschätzen
4) Jo !
5) oui un peu 3 ou 4 personnes nous on contacter suite à l'event
6) Bis elo net, et bleiwt bis September ofzewarden ob sech nach eppes entweckelt.
7) Direkt net, vielleicht gesi mer dat an der neier Saison
8) Jo, obwuel mir schonn zimmlech un eiser Limitt bezüglech der Memberzuel ukomm sinn.
9) jo
10) Mir sin deck zefridden an haaten schons 16 Kanner op Schnupertrainer 👍
11) neen

### 4.2. Feedback – Trésorerie

- De Benefice läit bei 3.829,37 €
- Déi Iesswueren, déi iwwreg bliwwe sinn an déi un de Food Sharing gespent hunn, goufen net verrechent. D’Gemeng iwwerhëlt do den Akaf vun de Wueren.
- Bei den Iesswuere konnt net 100prozenteg definéiert ginn, wéi vill am Endeffekt iwwreg war. An deene Fäll ass all Kéiers en faveur vun de Veräiner gerechent, dass méi Recetten do sinn.
- Konkreet heescht dëst fir d’Veräiner:
  - 1 Aktivitéit: 182,35 eur + 150 eur Subsiden ordinaire = 332,35 eur

- 2 Aktivitéiten : 2x182,5 eur + 150 eur = 514,70 eur

Engersäits kann ee soen, dass de Benefice net grouss ass fir esou en Evenement. Dat ass eventuell duerch déi méi niddreg Präisser ze erklären. Lokal ass leider oft am Kaf méi deier, da misst een och eventuell méi deier am Verkaf sinn. Desweidere waren zwar vill Visiteuren do, vun deenen awer ganz vill Kanner dobäi waren, déi net esou vill consomméiert hunn. Anersäits steet de Sport, respektiv de Rekrutement vun neie Memberen an de Veräiner un éischter Plaz an dëst Event ass net geduecht fir grouss Recetten ze generéieren.

## 5) Projeten – Updates

### a. Lënster Maart – Seefekëschten

- RDV nächsten Dënschden um 14 Auer zu Déifferdeng
- De Schäfferot huet relativ vill Froe gestallt, dës kënne mir all beäntwerte respektiv verschidden Detailer ginn an der Réunion zu Déifferdeng opgrond vun hirer Erfarung ofgekläert.
- [redacted] preparéiert de Sécherheetsdossier
- [redacted] freet bei engem Bauer no fir Botten ze kréien.
- Kitts kommen Enn des Mounts un.



## 6) Veräiner

- Mir krute vun der Gemeng d'Lëscht mat all de Kontaktdate vun de Sportsveräiner, esou kënne mir eis Ëmfro starten.
- Hei geet et drëms ze kucke wou déi Haaptsuerge leien, kuerz wou dréckt de Schung, an d'Haaptdatumer vun de Veräiner ze kréien.

## 7) Oppen Diskussioun

- Rapporten
    - Mir hunn iwwert dat neit Format vun de Rapport an iwwert Diskussiounen am Gemengerot eis ausgetosch.
- Waasserverdeeler
    - Mir hunn dem Schäfferot eis Demande nogeluescht fir op ëffentlech Plazen, wéi zum Beispill Spillplazen oder op engem Busarrêt sougenannte Waasserfontainen ze installéieren.
- Velosinfratstruktur
    - Mir sinn da Meenung, änlech wéi zu Iernster an der Gemeng Plazen ze installéieren, op deenen een zum Beispill e Platte ka flecken. Desweidere si mir fir méi Velostänneren an der Gemeng.

## 8) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 06.08.2024 | 19:00 | Jugendhaus | Reunion |
| 24.10.2024 | 17:00 | Centre Gaston Stein | Sportleréirung |

## 9) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | |